N°2769
Entrée le 29.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 2769 vum 12. August 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen betreffend Wifi-Accès op den Haltestellen.**

*Wäert op den Haltestellen, wou d'Placketten mat de QR-Coden installéiert ginn, och ee gratis Wifi-Accès kommen?*

D'Regierung huet an hirem Koalitiounsaccord 2023-2028 virgesinn, dass ënner anerem op den Haltestellen ee gratis Wifi-Accès ugebuede gëtt.

An deem Sënn sinn Echangen tëscht de concernéierte Ministère a Verwaltungen am gaangen en vue vun enger Etude fir d'Fro vun de Funklächer besser ze ëmräisse fir de Bierger*innen dee beschte Service kënnen unzebidden. Eng komplett Ausstattung géif nämlech net heeschen, dass een am aktuellen Kontext eng besser Konnektivitéit garantéieren kann.

Doriwwer eraus, ass et esou, dass vill Bierger*innen vum RGTR d'Echtzäitinformatiounen iwwert d'Busser haut gréisstendeels iwwer mobiliteit.lu oder aner Apps ofruffen.

Déi nei Plaquetten um Busarrêt bidden eng zousätzlech Méiglechkeet d'Bierger*innen beschtméiglech ze informéieren. Duerch d'Scanne vum QR-Code kritt ee vum RGTR déi selwecht Donnéeë wéi op den digitalen Afficheuren op de grousse Busgaren ugewise, an dat matt engem minimalen Datevolume.

Lëtzebuerg, den 29. September 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes